



Le saviez-vous?

RAPPORTEUR

Le rapporteur est le membre d'une commission de la Chambre des Députés chargé de présenter devant celle-ci en séance publique le rapport de la commission sur un texte.

war esou komplett, datt et sech eriwwegt, mengen ech, fir nach iergendeppes derzou ze soen. An ech géif dann duerfir den Accord vun der CSV-Fraktioun ginn.

Merci.

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools, Här Kaes. An da wär et um honorabelen Här Max Hahn.

► **M. Max Hahn** (DP).- Ech ka mech just de Wieder vum Kollege Aly Kaes uschlëssen.

► **Plusieurs voix**.- Aah!

► **M. Max Hahn** (DP).- Här Back, villmools Merci fir deen exzellente schrëftlechen a mëndleche Rapport. Ech ginn heimat den Accord vun der Fraktioun vun der Demokratescher Partei.

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools, Här Hahn. An datselwecht vum honorabelen Här Yves Cruchten, wat domadder geschitt ass. An och datselwecht vum Här Jeff Engelen.

► **M. Jeff Engelen** (ADR).- Jo, datselwecht.

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- An dann datselwecht och nach eng Kéier vum Här Marc Goergen. An d'Diskussioun ass domadder ofgeschloss.

(Brouhaha)

Mir kéimen dann elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7295. Den Text steet am Document parlementaire 7295².

Vote sur l'ensemble du projet de loi 7295 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Dann duerno de Vote par procuration. De Vott ass heimat ofgeschloss.

De Projet de loi 7295 ass mat 60 Jo-Stëmmen eestëmmeg ugehall.

Ont voté oui : Mmes Diane Adehm (par Mme Françoise Hetto-Gaasch), Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles (par M. Laurent Mosar), Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen (par Mme Nancy Arendt épouse Kemp), Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert (par Mme Viviane Reding), M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler (par M. Marc Spautz) et Michel Wolter (par M. Marco Schank) ;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Eugène Berger, Frank Colabianchi (par M. André Bauler), Mme Joëlle Elvinger (par M. Gusty Graas), MM. Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mmes Carole Hartmann et Lydie Polfer ;

MM. Marc Angel, Dan Biancalana (par M. Mars Di Bartolomeo), Alex Bodry, Mme Tess Burton, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen et Mme Lydia Mutsch ;

Mme Semiray Ahmedova, MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard (par Mme Josée Lorsché), Stéphanie Empain, Chantal Gary (par M. Carlo Back), M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché et M. Charles Margue ;

MM. Jeff Engelen, Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen ;

MM. Marc Baum (par M. David Wagner) et David Wagner.

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

15. 7321 - Projet de loi portant approbation des modifications :

1° à la Convention relative aux transports internationaux ferroviaires du 9 mai 1980 dans la teneur du Protocole du 3 juin 1999 et des modifications adoptées par la Commission de révision lors de ses 24^e et 25^e sessions ;

2° et à ses appendices D, F et G ;

apportées lors de la 12^e assemblée générale de l'Organisation intergouvernementale pour les transports internationaux ferroviaires, tenue à Berne, le 30 septembre 2015

Deen nächste Projet de loi ass de Projet de loi 7321, eng Ofännerung vun der Konventioun am Beräich vum internationalen Zuchtransport. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht. D'Wuert huet gläich de Rapporteur vum Projet de loi, an dat wär nach eng Kéier den honorabelen Här Carlo Back.

Här Back, Dir hutt d'Wuert.

Rapport de la Commission de la Mobilité et des Travaux publics

► **M. Carlo Back** (déi gréng), *rapporteur*.- Här President, Här Minister, Kolleegeinnen a Kolleege, beim virleiende Gesetzesprojet geet et ëm d'Zoustëmmung zu den Ännerunge vun der sougenannter „COTIF-Konventioun“ an hiren Annexen. Dës Ofkierzung COTIF steet fir « Convention relative aux transports internationaux ferroviaires ». D'COTIF ass eng Konventioun, déi éischter technescher Natur ass an déi awer fir d'Entwécklung vum Eisebunnswiesen an Europa an doriwwer eraus vu grousser Bedeitung ass. Si gouf den 9. Mee 1980 ënnerschriwwen.

D'COTIF stellt eigentlech e Kadergesetz duer, wat zum Zil huet, eenheetlech Rechtsstrukturen am internationalen Eisebunnstransport ze schafen, also d'Spillreegelen ze definéieren, no deenen d'Transporter iwwert d'Schinn um internationale Plang ofgewéckelt ginn.

Mat dem Akraafttriede vun dëser Konventioun ass och d'OTIF, dat heescht d'Organisation intergouvernementale pour les transports internationaux ferroviaires, gegrënnt ginn. D'Zil vun dëser Organisation ass et, d'Gesetzer an de Memberstaaten, déi den internationale Schinneverkéier betreffen, ze harmoniséieren a gemeinsam Reegelen administrativer, rechtlicher oder technescher Natur anzeféieren, déi den internationalen Transport iwwert d'Schinn erliichter. Dës Reegele betreffen souwuel de Voyagers- wéi och de Fretberäich.

Zu de méttlerweil 58 (veuillez lire : 48) Membere vun der Organisation gehéieren niewent den EU-State Länner aus Nordafrika an aus Asie respektiv aus dem Noen Osten. Déi ursprénglech Membere vun der OTIF waren dofir zu Recht der Meinung, dass een d'Konventioun vun 1980 misst deenen neie Gegebenheeten upassen, an dat ass 1999 iwwert de Wee vum Protokoll vu Vilnius geschitt.

Haut geet et elo drëms, d'COTIF-Konventioun an der Versioun vum Protokoll vu Vilnius weider ze moderniséieren. Dës Ännerunge si vun der OTIF, vun där Organisation intergouvernementale pour les transports internationaux ferroviaires, zu Bern den 30. September 2015 ugehall ginn.

Dës Ännerunge betreffen souwuel d'Konventioun, d'COTIF selwer, wéi och hir Annexen D, F a G, déi haaptsächlech technesch Norme betreffen.

A mengem schrëftleche Rapport sinn ech am Detail op déi Ännerungen agaangen an ech erspieren lech, déi elo hei am mëndleche Rapport virzedroen.

De Projet de loi ass den 20. Juni 2018 deposéiert ginn. De Statsrot huet den 11. Dezember 2018 säi favorabelen Avis dozou ginn. An der Sëtzung vum 3. Oktober 2019 huet eis Kommissioun dunn de Rapport vum Projet de loi, esou wéi en hei virläit, ugehall.

Ech ginn och heimat den Accord vun där grénge Fraktioun zu dësem Projet de loi a soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools, Här Back. Éischte Riedner ass den honorabelen Här Aly Kaes.

Discussion générale

► **M. Aly Kaes** (CSV).- Jo. Nach eng Kéier Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, de Rapporteur war schonn erëm eng Kéier ganz komplett: och hei näischt bäizefügen.

Villmools Merci un de Rapporteur fir deen detailléierte Rapport, schrëftlecher a mëndlecher Natur. An ech géif d'Zoustëmmung vun der CSV-Fraktioun ginn.

Merci.

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools, Här Kaes. An da wier et datselwecht vum Här Max Hahn.

► **M. Max Hahn** (DP).- Genau!

(Hilarité)

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Den Här Yves Cruchten och esou, gradesou wéi den Här Jeff Engelen an den Här Marc Goergen. An d'Regierung huet och näischt zum Projet ze soen.

(Hilarité)

Domat ass d'Diskussioun ofgeschloss.

Da kéime mer zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7321. Den Text steet am Document parlementaire 7321².

Vote sur l'ensemble du projet de loi 7321 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Duerno de Vote par procuration. De Vott ass heimat ofgeschloss.

Och dëse Projet de loi ass mat 60 Jo-Stëmmen eestëmmeg ugehall.

Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen (par Mme Nancy Arendt épouse Kemp), Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert (par Mme Françoise Hetto-Gaasch), M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler (par M. Gilles Roth) et Michel Wolter (par M. Paul Galles) ;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Eugène Berger, Frank Colabianchi, Mme Joëlle Elvinger (par M. André Bauler), MM. Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mmes Carole Hartmann et Lydie Polfer ;

MM. Marc Angel, Dan Biancalana (par M. Yves Cruchten), Alex Bodry, Mme Tess Burton, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen et Mme Lydia Mutsch ;

Mme Semiray Ahmedova, MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché et M. Charles Margue ;

MM. Jeff Engelen, Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen ;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

16. 7420 - Projet de loi modifiant la loi modifiée du 7 août 1961 relative à la création d'un fonds d'urbanisation et d'aménagement du plateau de Kirchberg

Dee leschte Punkt vun eisem Ordre du jour vun haut ass de Projet de loi 7420, eng Ofännerung vum Gesetz iwwert d'Schafe vum Fong fir d'Urbanisatioun an den Aménagement vum Kirchberg. Och hei ass d'Riedezäit nom Basismodell festgeluecht. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, an dat ass nach eng Kéier den honorabelen Här Carlo Back.

Här Back, Dir hutt d'Wuert.

Rapport de la Commission de la Mobilité et des Travaux publics

► **M. Carlo Back** (déi gréng), *rapporteur*.- Här President, Här Minister, Kolleegeinnen a Kolleege, jo, et ass deen drëtte Projet fir haut den Owend, an dee geet iwwert d'Loi modifiée du 7 août 1961 relative à la création d'un fonds d'urbanisation et d'aménagement du plateau de Kirchberg. Wéi gesot, hei geet et ëm d'Gesetz vum 7. August 1961 betreffend eeben dee Fong, dee mer normalerweis „Fonds Kirchberg“ nennen.

Ëm wat geet et bei den Ännerungen, déi mer haut um Ordre du jour hunn? Et geet drëms, d'Gouvernance vum Fonds Kirchberg ze verbesseren, andeems mer Ännerungen un de Gestionsstrukture virhuelen a virun allem och se professionaliséieren.

Wat ass d'Situatioun de Moment? De Fonds Kirchberg gëtt momentan vum President vum Conseil d'administration zesumme mat engem Comité exécutif vun dräi Memberen, déi eebenfalls Member vum Verwaltungsrot sinn, geréiert. Mir wëssen awer all, datt den Aarbechtswolume sech iwwert d'Jore vergréissert huet an domat och déi zäitlech Belaaschtung an d'Responsabilitéit vun de Persounen, déi do

matmaachen. Dës Evolutioun erlaabt et de Membere vum Verwaltungsrot net méi, déi lafend Gestiou perfect ze organiséieren an ze exekutéieren.

Fir déi noutwendeg Professionaliséierung vun der Gouvernance ze erlaben, gesäit dëse Projet de loi elo déi folgend dräi haaptsächlech Ännerunge vir:

1) Schafe vun engem Direkteschposten, deen als Missioun d'Exekutioun an d'aldeeglech Gestiou vum Fong operluecht kritt. Dësen Direkter ënnersteet dann an der Zukunft dem Verwaltungsrot an d'Personal vum Fong ënnersteet deem neien Direkter. An deem Sënn ass et och de Verwaltungsrot, deen den Direkter astellen oder entloosse kann.

2) Aféierung vun engem Bureau vu véier Persounen, dee vum President vum CA geleet gëtt a wou de President an dee véier Leit incluss ass. Dëse Bureau ersetzt deemno den aktuelle Comité exécutif a kritt d'Aufgab, fir sech mam Direkter ëm d'Organisatioun, de Suivi an d'Kontroll vun de lafenden Aarbechten ze këmmen, genee wéi och ëm d'Ausarbechtung vum Ordre du jour vun de Reunione vum Verwaltungsrot. Den Direkter assistéiert dem Bureau a ka mat berodender Stëmm un de Reunione vum Verwaltungsrot deelhuefen.

3) Vergréisserung vum Verwaltungsrot vu siwen op néng Persounen, fir dee kënne méi breet opstellen an nach méi eng villfälteg Expertise zur Verfügung ze hunn.

Niewent dëser Professionaliséierung vun der Struktur vum Fong bréngt dëse Projet de loi dann nach eng kleng formalistesches Präzisioun bei der Tutelle mat sech, andeems de Fong explizitt dem Minister soll ënnerstoen, deen d'Travaux publics a sengen Attributiounen huet.

Dës Ännerungen orientéiere sech natierlech un anere Gesetzestexter zu anere Fongen, notament zum Fonds Belval, an och un de Lignes directrices vum Conseil de Gouvernement vum 10. Februar 2017 iwwert d'Kreatioun vun Établissements publics.

De Conseil d'État huet bei dësem Projet keng Opposition formelle gemaach. Hien huet awer eng Rei Recommandatiounen ausgeschwat, fir den Text ze straffen. Déi Propositiounen huet d'Kommissioun och ugehall.

Dëse Projet de loi war de 4. Mäerz vun dësem Joer deposéiert ginn. De Statsrot huet de 7. Mee säi favorabelen Avis dozou ofginn. An d'Kommissioun huet de schrëftleche Rapport, deen lech hei virläit, an der Sëtzung vum 17. Oktober ugehall.

Ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren a ginn och heimat den Accord vun der grénge Fraktioun.

► **Une voix**.- Très bien !

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools, Här Back. Als éischte Riedner ass den honorabelen Här Serge Wilmes agedroen. Här Wilmes, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

► **M. Serge Wilmes** (CSV).- Merci, Här President. Merci villmools dem Här Rapporteur fir säi schrëftlechen a mëndleche Rapport.

Mir sinn och mat dësem Projet de loi averstanen, mat där neier Gouvernance. Ech mengen, déi ass néideg, fir datt de Fonds de Kirchberg wéi deen anere grouse Fong kann déi vill Aarbecht, déi op en duerkënn, nach a besser maachen. Dat ass awer eng wichteg Etapp. Mee nënnen em Tëschenetapp, well déi allerwichtigste Etapp wär u sech, datt endlech géif aus dem Kirchberg ..., net méi eng Stad an der Stad, mee endlech e Quartier vun der Stad Lëtzebuerg ginn. Well dat ass am Moment näamlech definitiv nach net de Fall.

Natierlech ass dat historiesch gewuess. Et muss een et a säin historiesche Kontext setzen, wéini datt de Kierchberg, dee Fong, do entstanden ass a firwat en entstanden ass. An datt deemools wahrscheinlech och nach net d'Méiglechkeet do war fir d'Administratioun vum der Stad, fir kënnen déi Aarbecht ze iwwerhuelen. Mee entre-temps si mer awer an enger anerer Situatioun.

An et muss een dat virun allem aus engem Standpunkt eraus kucken, näamlech deem vum Awunner, vum Bierger. Well fir deen ..., ech wette mat lech, datt déi meescht vun hinnen nach ni eppes vum Fonds de Kirchberg héieren hunn. An dovunner kënne mer eis all Dag e Bild maachen. Den Här Minister weess dat jo och ganz gutt. E war selwer jo och laang am Schäfferot vun der Stad Lëtzebuerg. A wann do Doleancen erugegroe gi vu Bierger, déi um Kierchberg wunnen, da froe se: „Hei, kënnt Der net eppes maachen? Do ass Onkraut. Do muss eng Poubelle ersat ginn.“

Da si leider Gottes der Stad Lëtzebuerg do d'Hänn gebonnen. Et muss ëmmer erëm drop



verwise ginn, dass ee sech do bei dem Fonds de Kirchberg muss mellen - deene meeschten, wéi gesot, emol kee Begrëff. Déi falen dann aus alle Wolleken!

An ech mengen, dat ass awer keng optimal Situatioun. Och wa mer natierlech net elo derfir plädéieren - dofir keng Angscht -, dass de Fonds de Kirchberg soll opgeléist ginn, mee wat awer ganz wichteg wär, dat wär, dass et géif eng systematesch Zesummenaarbecht ginn tëschent, op där enger Säit, dem Fonds de Kirchberg an, op där anerer Säit, awer de Servicer vun der Stad Lëtzebuerg, fir sech do méi ofzestëmmen. Well et gëtt nëmmen een Awunner, an dat ass deen, deen hei an der Stad wunnt. Dee wunnt net op engem eenzelne Kierchbiere, enger Stad, déi sech „Kierchbiere“ nennt. E wunnt an der Stad Lëtzebuerg.

An dowéinst wär et ganz wichteg, dass déi Zesummenaarbecht wierklech systematesch gemaach gëtt. Och do ass awer nach Loft no uewen! Natierlech gëtt et emol Konventiounen, fir verschidde Servicer schonn unzëbidde, déi och zum Deel da vun der Stad och gemaach ginn. Natierlech ginn et och Aarbechtsgruppen, wou Servicer vun der Stad mat associéiert sinn.

Mee trotzdem, bis zum Schluss, bis et dann och wierklech mat definitive Projekte fäerdeg ass, geet déi Zesummenaarbecht nach net wäit genuch. An dat wär awer ganz wichteg, fir - nach eng Kéier, wéi gesot, am Sënn vum Awunner a vum Bierger - méi Kohärenz dranzekréien an deen ëffentleche Raum. Et ass vun deem virun allem, wou mer schwätzen, net vun den Terrainen, mee virun allem vum ëffentleche Raum, dass och do nëmmen een ëffentleche Raum vun där ganzer Stad soll existéieren.

An ech mengen, op där Säit ginn et vill Expertisen an op där anerer, an dowéinst misst et u sech och als nächst Etapp wichteg sinn an eis alleguerten um Häerz leien, fir déi Zesummenaarbecht nach méi systematesch ze maachen.

Ech soen Iech Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien !

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Här Wilmes. Nächsten ageschriwwene Riedner ass den honorablen Här Max Hahn. Här Hahn, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Max Hahn (DP).** - Merci, Här President. Mir bleift eigentlech just, dem Rapporteur Merci ze soe fir seng zwee Rapporten. An ech géif heimat och den Accord vun der Fraktioun vun der Demokratescher Partei ginn.

Merci.

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Här Hahn. An da kritt d'Wuert den honorablen Här Yves Cruchten. Här Cruchten, wannechgelift.

► **M. Yves Cruchten (LSAP).** - Merci, Här President. Dat gëtt mir dann d'Geleeënheet, och eng Kéier haut de Mëtten dem Här Back fir all seng Rapporten ze gratuléieren an d'Zoustëmmung vu menger Fraktioun ze ginn.

Merci.

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Här Cruchten. An dat däerf dann och den honorablen Här Jeff Engelen.

► **M. Jeff Engelen (ADR).** - Jo. Mir géifen dann och dem Här Carlo Back fir déi dräi Rapporte Merci soen. Ech mengen, den Här Etgen hat mer d'Wuert e bëssen entzunn. Mä dat ass awer kee Problem.

(Hilarité)

An ech sinn awer domat averstanen.

Hei geet et ëm de Fonds de Kirchberg, fir deen e bësse méi professionell opzebauen. An am Interesse vun der Saach gi mir eis Zoustëmmung zu deser Ergänzung.

Merci.

► **Une voix.** - Très bien !

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Leschten ageschriwwene Riedner ass den honorablen Här Marc Goergen.

► **M. Marc Goergen (Piraten).** - Merci, Här President. Merci dem Carlo Back fir den exzellente Rapport, wéi mer dat gewinnt sinn. Och mir Piraten géifen eis Zoustëmmung dozou ginn, och mat der Iddi, dass mer hoffen, dass de Kierchbiere doduerjer vläicht nach eng Kéier professionaliséiert gëtt an dass et zur Liewensqualitéit vun de Leit bäidréit.

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Här Goergen. An da kritt d'Regierung d'Wuert, wa se et freet.

Prise de position du Gouvernement

► **M. François Bausch, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics.** - Si freet et ganz kuerz, Här President! Ech wëll dem hono-

rablen Här Wilmes just an zwee Sätz awer eppes äntwerten op seng Remark, déi e gemaach huet am Zesummenhang mat der Zesummenaarbecht tëschent dem Fong Kierchbiere an der Stad Lëtzebuerg.

Ech wëll en awer drop hiweisen - et kann een d'Zesummenaarbecht ëmmer nach besser maachen, domat hunn ech och iwwerhaupt kee Problem -, mee ech wëll en awer drop hiweisen, dass éischters d'Stad Lëtzebuerg am Verwaltungsrot vum Fong Kierchbiere vertraude ass, an net nëmme mat enger Persoun, an dass ech och dervun ausginn, dass am neie Bureau vum Fong d'Stad Lëtzebuerg selbstverständlech och wäert vertraude sinn.

An da wëll ech awer och soen, dass bei alle Projeten, déi de Fong mécht - als Beispill, Dir hutt jo elo dee ganz grouss ..., ee vun de gréisste Logementsprojeten, deen de Public wäert maachen am Land, dee wäert um Kierchbiere kommen, dat ass dee ganzen Areal Kuebebiere. Do ass d'Stad Lëtzebuerg enk agebonne gewiescht. Iwwregens och de Projet vum Här Gehl, deen iwwer zwee Joer ausgeschafft ginn ass, ass an enker Zesummenaarbecht mat der Stad gemaach ginn.

Also, all déi Projeten, déi do lafen, do sëtzen ëmmer Beamte vun der Stad Lëtzebuerg mat um Dësch, ob et ass vun der Circulatioun oder vum Service Urbanismus vun der Stad oder vun dem Service, dee sech ëm de PAG këmmert. Ech mengen, dat ass garantéiert.

Mee wéi gesot, ech hunn awer kee Problem. Et kann een ëmmer alles nach besser maachen!

Ech sinn awer frou fir d'Zoustëmmung vun der Chamber.

Merci.

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Här Bausch. D'Diskussioun ass elo ofgeschloss. Mir kommen dann zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7420. Den Text steet am Document parlementaire 7420⁴.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 7420 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmme fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmme. Duerno de Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

De Projet de loi 7420 ass mat 60 Jo-Stëmme eestëmmegeg ugehol.

Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen (par M. Laurent Mosar), Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert (par Mme Nancy Arendt épouse Kemp), M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler (par Mme Françoise Hetto-Gaasch) et Michel Wolter (par M. Paul Galles) ;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Eugène Berger, Frank Colabianchi, Mme Joëlle Elvinger (par M. Gusty Graas), MM. Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mmes Carole Hartmann et Lydie Polfer ;

MM. Marc Angel, Dan Biancalana (par M. Georges Engel), Alex Bodry, Mme Tess Burton, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen et Mme Lydia Mutsch ;

Mme Semiray Ahmedova, MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché et M. Charles Margue ;

MM. Jeff Engelen, Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen ;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

17. Motion de M. Fernand Kartheiser relative à l'invitation du Gouvernement à aborder, dans le cadre des instances politiques et militaires de l'OTAN, les modalités de coopération des alliés avec la Turquie

Da kéime mer nach zur Motioun, déi vum Här Kartheiser deposéiert ginn ass iwwert d'Verletzung vun der territorialer Integritéit vu Syrien duerch d'Türkei. Wie wëllt eppes zu där Motioun soen?

D'Madamm Stéphanie Empain wannechgelift.

Discussion générale

► **Mme Stéphanie Empain (déi gréng).** - Merci, Här President. Mir streiden natierlech net of, dass do e puer Punkten derbäi sinn, déi

och derwäert sinn, diskutéiert ze ginn. Allerdéngs géife mir derfir plädéieren, dat e bësselchen equilibréiert ze maachen.

Den Ufank vun der Motioun fannen ech e bësselchen schwierig, well déi Situatiounen, déi Der do uschwätzt, méi komplex sinn. Ech mengen, dat wësst Der och aus Ärer beruflecher Erfahrung.

Ech muss soen, et wonnert mech och, dass Der hei immens besuergt sidd an deem Fall, vu dass Der et deemools, ech mengen, dat war 2016, wéi Russland an d'Krim amarchéiert ass an déi annekéiert huet, net esou schlëmm fonnt hutt.

Ech hunn eng kleng Recherche gemaach. Ech hunn erausfonnt, dass Der deemools souguer an enger Motioun gefrot hutt, dass mer d'Sanktiounen géint Russland géifen ophiewen. Dat huet elo net ganz vill heimadder ze dinn. Ech wëll dat och net relativéieren vun deem, wat hei proposéiert ginn ass, well ouni Zweifel, ech bleiwen derbäi, sinn e puer vun den ugeschwate Punkten et derwäert, diskutéiert ze ginn.

Mee ech ginn awer den Doute net lass, dass Der hei eng kleng eegen Agenda hutt, déi Der poursuiviéiert. Vlächcht och, well den Här Putin awer vlächcht e bësse méi bekannt ass als Virbild vu rietspopulistesch Gruppéierungen.

► **Plusieurs voix.** - Ooh!

(Brouhaha)

► **Une voix.** - Schwätzt zu der Motioun!

► **Mme Stéphanie Empain (déi gréng).** - Ech bleiwen awer ...

(Interruption)

Ech si bei der Motioun.

► **M. Gast Gibéryen (ADR).** - Aah! Well et géif esou lues Zäit ginn!

► **Mme Stéphanie Empain (déi gréng).** - Et freet mech awer, dass ech Iech e bësselchen hei opreegen. Dat weist, dass et iergendwou awer pickt.

Wéi gesot, den éischten Deel ...

(Interruption)

Wéi gesot, den éischten Deel vun der Motioun gesi mer als ganz schwierig un. Dat hunn ech och gesot.

Eis Proposition wier - ech hoffen, dass déi och esou gedroe gëtt -, dass mer déi Froen, besonnesch wat den Artikel 5 ubelaangt, an d'Kommissioun géifen huelen, wou mer géifen driwwer schwätzen - an der aussepolitescher Kommissioun wuelverstanen. Ech bleiwen awer derbäi, dass ech hei e bësselchen e komesche Feeling bei der Formulatioun vun deser Motioun hunn!

Ech soen Iech Merci.

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Madamm Empain. An dann hunn d'Wuert gefrot, der Rei no: den Här Angel, d'Madamm Viviane Reding an den Här Bausch.

Den Här Angel elo emol wannechgelift.

► **M. Marc Angel (LSAP).** - Merci, Här President, fir d'Wuert. Ech géif och proposéieren, dass mer déi Motioun hei net unhuelen, obschonn de Sujet ganz wichteg ass.

Den Här Kartheiser huet jo gesot, en hätt déi Motioun gemaach, well muer eng Reunioun ass vun de Verteidigungsministere, eng NATO-Reunioun ass. Mir hunn hei keng Tradition, dass mer dem Minister do e Mandat matginn. Mee et ass och nach eng nächst Reunioun, déi am November kënn, eng Reunioun vun den NATO-Ausseministere. An ech mengen, et wär wichteg, wann no där Reunioun, no deenen zwou Reunionen déi zwee Ministere bei eis an d'Kommissioun géife kommen a mat eis iwwert d'Konklusiounen vun deene Reunionen géife schwätzen.

Dir fuerdert d'Regierung hei op, „am Kader vun de politeschen a militäreschen Instanze vun der NATO d'Modalitéite vun der zukünfteger Zesummenaarbecht vun den Alliierte mat der Tierkei unzeschwätzen“.

Ech kann Iech soen, ech war zesumme mam Eugène Berger, mam Nancy Arendt a mam Sven Clement zu London op der Versammlung vum NATO-Parlament. Natierlech ginn déi Sujeten do ugeschwat. Den Haapttheema am Moment bei der NATO ass déi illegal Invasioun vun der Türkei an Nordost-Syrien. Dat ass den Haapttheema, do brauch een net eng Regierung opzufuerderen, dat ze thematiséieren. Déi zukünfteg Zesummenaarbecht, dat war déi Haaptuerg, déi mir als Deputéiert do diskutéiert hunn. An ech huelen och un, dass dat déi Haaptuerg vun de Ministere muer wäert sinn.

Zweetens déi Fro, déi ganz berechtigt Fro, déi den Här Kartheiser jo och elaboréiert huet, vum Artikel 5, wéi dat dann ass, wann een illegal e

Land ugräift an duerno kënn do ..., gëtt dann ee vun eise Bündnispartner ... Dat ass eng Fro, déi mer och ënner Deputéierten diskutéiert hunn a wou ech och iwwerzeegt sinn, dass déi muer an och am November vun den Ausseministere diskutéiert gëtt. An ech mengen, do ass et interessant, dann déi zwee Ministere ze héieren nom November. An ech mengen, si hu sech bereet erkläert, an d'Kommissioun ze kommen.

Dat gesot, mengen ech, dass mer déi Motioun hei sollen ofleenen an dass mer dat Theema vum Artikel 5 natierlech an dee Sujet, dee wichtege Sujet vun där militärescher Offensiv vun der Türkei an Nordost-Syrien natierlech net an den Tirang leeën, mee hei an der Chamber weider suivéiere wäerten.

Merci.

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Da wier et un der honorabler Madamm Viviane Reding.

► **Mme Viviane Reding (CSV).** - Jo, Här President, ech wëll ënnersträichen, dass d'parlamentaresch Aarbecht ëmmer gewürdegt soll ginn, egal a wat fir enger Partei een ass. An dofir sinn ech averstane mat deem, wat de President vun der aussepolitescher Kommissioun gesot huet. Déi Themen, déi hei an där Motioun ugeschwat ginn, déi sinn zollid. Dat kann een esou gesinn oder anescht gesinn, an am beschten hu mer, dat ze diskutéieren mat eise Ministere an der aussepolitescher Kommissioun an dann zu den néidege Konklusiounen ze kommen.

Ech mengen, wann et awer een Theema gëtt, zu deem mer eis alleguerten eens sinn, dann ass et déi Invasioun vu Syrien: Déi ass inakzeptabel!

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Madamm Reding. An dann hunn d'Wuert nach gefrot: den Här Bausch, den Här Berger an den Här Baum.

► **M. François Bausch, Ministre de la Défense.** - Huelft roueg d'Deputéiert vir!

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Da fir d'Éischt den Här Berger wannechgelift.

► **M. Eugène Berger (DP).** - Merci, Här President. Ech wëll eigentlech do uschléissen, wou de President vun der aussepolitescher Kommissioun opgehalen huet respektiv un dat, wat hie schonn ervirgestrach huet. Effektiv waren hei verschide Verweiser drop, dass ee soll um Niveau vun der NATO intervenéieren. Effektiv ass et esou, dass och déi parlamentaresch Versammlung vun der NATO sech reegelmeisseg mat deene Sujete beschäftegt. Et ass scho Referenz gemaach ginn op déi rezent Reunion zu London. Ech sinn do an deem Comité politique. An ech kann Iech och versécheren, dass effektiv dat do den Haaptujet war an dass do och d'Tonalitéit déi war, dass op alle Fall deen Amarsch veruerteelt ginn ass vu ganz ville Spriecher vun deenen eenzele Memberlänner.

Et sinn eng Rei aner Punkten hei an där Motioun, déi ee misst eigentlech méi ausföerlech diskutéieren. An ech sinn och der Meenung, oder meng Fraktioun ass och der Meenung, dass een déi Motioun, ech wëll net elo soen, verweist, mee dass een einfach ... Dee Sujet ass jo d'actualité. An ech sinn iwwerzeegt, dass mer och an deenen nächste Sitzunge vun der Commission des Affaires étrangères wäerten nach deen een oder anere Punkt do diskutéieren respektiv och nach vlächcht nei Elementer kréie vum Ausseminister. Well deen ass jo ëmmer prett, wann et méiglech ass, fir do Ried an Äntwert ze stoen. An da wäerte mer dat och ganz sécher an där nächster Sitzung vun der aussepolitescher Kommissioun maachen.

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Här Berger. Da kritt den honorablen Här Marc Baum d'Wuert.

► **M. Marc Baum (déi Lénk).** - Jo, Merci, Här President. Also ech menge schonn, dass et un eis als Chamber ass, fir kënne Positioun ze huelen, wat déi heite Fro ugeet. An ech mengen och, dass ee sech mat där Fro beschäftege soll als Parlament a Konklusiounen zéie kann, déi och eng Regierung opfuerderen, an eng bestëmmte Richtung ze agéieren.

Beim Inhalt vun där Motioun fanne mer, dass do ganz wichteg Froen opgeworf ginn, mat deene mer och a gréissten Zich averstane sinn. An de Considerante si Punkten, wou ee sech seet: „Ass dat wierklech zilförend?“, d'territorial Integritéit vun der griichescher Republik respektiv vun der Republik Zypern, wat dat elo direkt mat dem Syrien-Konflikt ze dinn huet, ass fir eis net esou ersichtlech.

Mir mengen, dass dat hei awer, wouzou d'Regierung opgefuerdert gëtt, Bestanddeel misst si